ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

E ka virkommen, datt bei Asätz vun der Police materielle Schued entsteet, dëst esou wuel um Eegentum vun de Persounen déi vun der Police cibléiert sinn, wéi och bei den Noperen, der Copropriétéit oder aner onbedeelegt Leit. Et kënnen dës Schied si wéi futtis Dieren, Zillen op den Diech, oder Gelänneren.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Fro stellen:

Ginn d'Leit, déi e materielle Schued bei engem Asaz vun der Police mussen droen, dofir entschiedegt?

Wa jo:

- *Wéi eng Prozedur ass dofir virgesinn? U wien mussen d'Leit sech adresséiere fir de Schued ze mëllen?*
- *Wéi séier sinn dës Prozeduren, a wa gëtt gemaach fir de betraffene Leit esou séier wéi méiglech entgéint ze kommen?*
- *Wéi oft ass an de Joren 2005 bis 2015 dës Prozedur ugewannt ginn, a wéi héich waren d'Entschiedegungen?*

Wa neen:

- *Denkt d'Regierung drun, eng Prozedur anzeféieren, fir esou Schied ze indemniséieren?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten